



Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5228 vum 15. November 2021 vum honorabelen Députéierten Här Jeff Engelen.

1. Wéi ginn déi Zuele vun den Hospitalisatiounen erhuewen? Wéini gëllt eng Persoun am Kader vu Covid-19 als hospitaliséiert a wat sinn d'Viraussetzungen an d'Krittären, déi fir dëse Status berécksiichtegt ginn?

D'Spideeler iwermëttelen all Dag dem Service Monitoring vun der Gesondheidsdirektioun d'Unzuel vun Hospitalisatiounen an den Soins normaux souwéi an den Soins intensifs déi sie hunn.

Eng Persoun gëllt als hospitaliséiert op Gronn vun Covid-19 ("hospitalisation de patient Covid confirmé") wann hier Hospitalisatioun op Basis vun enger medizinescher Diagnose an engem Tableau clinique évocateur op Covid-19 zeréckzeféieren ass.

2. Gëtt et eng Richtlinn oder bestëmmte Krittären dofir, déi bestëmmen, wéini eng Persoun wéinst Covid-19 muss

- Isoléiert ginn?
- Intensivfleeg kréien?

All Persoun déi en positiven PCR Test huet muss an Isolement goen, egal ob dës Persoun sech grad doheem, an engem Altersheem oder an engem Spidol befënnt.

Wat d'Hospitalisatiounsdonnéeën déi den Service Monitoring vun den Spideeler zougestallt kritt ubelaangt, gëtt iwwerdeems ënnerscheet zwëschen:

- Patienten déi en positiven PCR Test hunn an op Gronn vun hirer Covid-Infektioun hospitaliséiert mussen ginn ("*Hospitalisations de patients Covid confirmés*");
- Patienten déi net wéinst Covid-19 hospitaliséiert sinn an déi awer en positiven PCR Test opweisen an déi deemno an Isolement mussen gesat ginn ("*Hospitalisations de patients Covid en isolement*").

D'Patienten kommen an d'Soins intensifs wann den Dokter jugéiert datt sech hiren Gesondheitszoustand sou verschlechtert huet datt sie net méi an den Soins normaux weider versuergt kënnen ginn.

3. Gëtt eng Persoun, déi aus engem anere Grond ewéi Covid-19 am Spidol läit, respektiv hospitaliséiert gouf, och an dës Statistike mat opgeholl,

- Wa si positiv getest gëtt a Symptomer weist?
- Wa si positiv getest gëtt a keng Symptomer weist?

Ass et also méiglech, datt bei den Zuelen vun den Hospitalisatiounen och Leit matgezielt ginn, déi keng Symptomer weisen?

D'Donnéeën vum Service Monitoring vun der Gesondheitsdirektioun baséieren sech op déi Donnéeën déi Spideeler all Dag erarechen.

Eng Persoun déi aus engem anere Grond wéi COVID-19 hospitaliséiert muss ginn fléisst an d'Rapport'en vum Gesondheitsministère mat an wann sie en positiven PCR Test huet, egal ob sie Symptomer opweist oder net. Dës Persoun gëtt dann an der Kategorie « Hospitalisations de patients Covid en isolement » recenséiert.

4. Firwat gëtt just bei den Isolementer präziséiert, datt de Grond fir hir Hospitaliséierung net "Covid-19" ass, awer et positive PCR-Test hunn.(*)?

(*Les patients Covid-19 en isolement sont des patients dont le motif d'hospitalisation n'est pas « Covid-19 », mais qui ont une PCR SARS-COV-2 positive et bénéficient de mesures d'isolement. »)

Cf. Äntwert op d'Fro 2.

5. Ass d'Madamm Gesondheitsminister gewëllt, dofir ze suergen, datt an deem Sënn méi Transparenz an déi hei genannten Zuelen a Kategorie bruecht gëtt, esou datt ëmmer och vermëttelt gëtt, wéi vill Hospitalisatiounen jeeweils Covid-19 als Grond haten oder hunn? Wann nee, firwat net? Wa jo, ass d'Madamm Minister bereet, dëst direkt ëmzesetzen?

D'Unzuel vu Patienten déi op Gronn vun Covid-19 hospitaliséiert sinn an d'Unzuel vun Patienten déi wéinst engem aneren Grond hospitaliséiert sinn an awer an Isolement sinn wëll sie en positiven PCR Test hunn, ginn an déi wëchentlech an alldeeglech Rapport'en op Covid19.lu publizéiert.

Lëtzebuerg, den 16/12/21

D'Gesondheitsministesch

(s.) Paulette Lenert